

1. Ordre du jour

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wollt froen, fir déi Motioun eventuell no dem Gesetzesprojet vu Mamer ze behandelen, well ech wäert am Kader vun den Diskussiounen zum Projet Mamer nach eng Kéier dorop zrëckkommen.

M. le Président.- Ass d'Chamber domat d'accord?
(Assentiment)

Also ass dat esou décidéiert. Dann huele mer fir d'éischt d'Diskussioun vum Projet de loi 4759 iwwert d'Schafe vun engem Lycée zu Mamer. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et si bis elo schonn ageschriwwen: déi Häre Sünnen, Zanussi, Bettel, Gibéryen, Garcia, Bisdorff a Krecké. D'Wuert huet als éischten de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Claude Meisch.

2. Projet de loi 4759 portant

1. création d'un établissement d'enseignement secondaire technique à Mamer
2. modification de la loi du 3 août 1998 relative à la construction d'un lycée à Mamer

Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

M. Claude Meisch (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ween mol heiansdo tëschent Mamer a Stroossen ënnerwee ass, dee gesäit, dass de Bau vun engem Lycée zu Mamer, deem duerch d'Gesetz vum 3. August 1998 autoriséiert ginn ass, esou lues Form unhëlt. Fir datt eng Schoul awer ka funktionnéieren, brauch een awer méi wéi e Gebai.

Et brauch een Enseignantë mat enger Direktioun, a virun allem muss ee wëssen, wat a wéi an der Schoul soll geléiert ginn. Do kënnt d'Mme Delvaux grad eran; d'sozialistesche Fraktioun ass elo och vertruete fir mer nozelauschten.

(Hilarité)

Et geet elo mam Gesetzesprojet 4759 haaptsächlech ëm déi intern Organisatioun an ëm de Fonctionnement vun dësem neie Lycée, woufir en Etablissement vum Enseignement secondaire technique gegrënnt gëtt.

Déi zoustänneg Chamberskommissioun begréisst et ausdrécklech, datt dëse Projet de loi annerhalleft Joer virun der viraussichtlecher Ouverture am September 2002 déposéiert ginn ass, a mer hunn an der Kommissioun och probéiert, déi parlamentaresch Aarbechten esou schnell wéi méiglech ofzeschleissen, fir et esou der Regierung ze erméiglechen, mat Zäiten eng Direktioun ze désignéieren an d'Personal ze

rekrutéieren. Nëmmen esou ass et der Direktioun méiglech, e pedagogescht Konzept auszuschaffen, dat der Schoulpopulatioun wéi och deenen ugebuedene Formatiounen ugepasst ass. Och wann de Lycée Aline Mayrisch nach net zu 100 Prozent fonctionnéiert, ass en e gutt Beispill, dat weist, wéi eng positiv Impulser esou e Konzept enger Schoul, a besonnesch enger neier Schoul, ka ginn.

Och wann, wat den Zäitpunkt vum Dépôt vum Projet ubelaangt, schonn däitlech Fortschrëtt ze verzeche sinn, esou wëll ech awer nach eng Kéier un eng Motioun erënneren, déi d'Chamber am Kader vun den Debatten zum Lycée Aline Mayrisch gestëmmt huet. Doranner gëtt d'Regierung opgefuerdert, an Zukunft de Projet iwwert de Bau vun engem Schoulgebai an de Projet iwwert de Fonctionnement parallel auszuschaffen an ze déposéieren. Et ass dat ganz einfach eng Nécessitéit, well d'Offre scolaire jo grad eng Rei vu Konditiounen un de Bau stellt. Ma doriwwer wäert ech nach spéider méi am Detail zrëckkommen.

Dat wat e Schoulgebai als éischt charakteriséiert ass den Numm deem et dréit. Dësen Numm soll un eng Persoun erënneren, déi op Grond vun hirem Liewenslaf e Virbild fir d'Jugend a fir déi nokommend Generatiounen ka sinn. D'Regierung proposéiert hei, e Mamer Jong ze éieren, deem et fäerdeg bruecht huet, esouwuel am Sport, an der Wëssenschaft an och an der Politik remarkabel Erfolleger ze verzechnen. Et ass dat de fréiere Spëtzesportler a Politiker, de Josy Barthel.

Gebuere gouf de Josy Barthel de 24. Abrëll 1927 zu Mamer. En hat seng Jugend, parallel zu senger Studien, dem Sport verschiwwen. Mat dem Gewinn vun der Goldmedail am 1500-Meter-Laf bei den Olympesche Spiller vun Helsinki am Joer 1952, huet hien sech an d'Geschicht vum Lëtzebuerger Sport ageschriwwen - a bis op den heitegen Dag ass et kengem Lëtzebuerger gelongen, deem doten Exploit bei olympesche Summerspiller ze widderhuelen.

Nodeems de Josy Barthel seng Studien op der Universitéit zu Stroosbuerg als Ingénieur-Chimiste an zu Harvard mam Science-Master ofgeschloss hat, huet hien seng beruflech Carrière als Ingénieur-Sanitaire beim Statslaboratoire ugefaangen, éier hien duerno an den Institut d'Hygiène et de Santé publique koum, wou hien d'Fonction vum Ingénieur chef de division ausgefëllt huet, éier en zum Commissaire à la Protection des Eaux ernannt gouf.

Mä och als Politiker ass de Josy Barthel eis all an Erënerung. Am Joer 1977 gouf hie Minister vum Transport an der Energie, a Minister fir Ëmwelt an Tourismus. Vum Juli 1979 bis de Juli 1984 war hie Minister fir Transport, Kommunikatioun an Informatik, wéi och Energieminister. No de Wale vun 1984 war e Member vun dëser Chamber a vun 1989 bis zu

sengem Doud am Joer 1992 souz hie fir d'Demokratesch Partei am Geméngerot vun der Stad Lëtzebuerg.

Wat de Fonctionnement vum Lycée technique Josy Barthel ubelaangt, esou gesäit de Gesetzesprojet vir, datt niewent dem Cycle inférieur, moyen a supérieur aus dem Enseignement secondaire technique och déi dräi éischt Joer vum Enseignement secondaire, ...

(Interruptions)

Da musst Der méi laang nolauschten, Här Krecké, dat wësst Der!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dat do nennt een erof rëselen!

M. Claude Meisch (DP), rapporteur.- ...wéi och de Régime préparatoire ugebuede ginn. Et ass dat e Choix politique, deen d'Regierung schonns an hirer Regierungserklärung vum August 1999 ugekënnegt huet, an deen hei, wéi och schonns beim Lycée Aline Mayrisch respektéiert gëtt.

Domadder, datt an deenen neie Lycéen esouwuel den Enseignement secondaire, den Enseignement secondaire technique an de Préparatoire wäerten ënnerbruecht ginn, soll eng besser Integratioun vun deenen eenzelnen Ordres d'enseignement an natierlech och vun der respektiver Schülerschaft favoriséiert ginn.

Den neie Lycée technique soll mat der Rentrée 2002/2003 de Schoulbetrieb ophuelen, esou datt déi interesséiert Schüler aus dem 6. Schouljoer sech kënnen den nächste Summer op 7^e aschreiwen. Wann sech doriwwer eraus genuch Schüler fir d'Klasse vun der 6^e a 5^e, respektiv der 8^e an 9^e mellen, da kënnen och dës Klasse scho vum September 2002 un fonctionnéieren. D'Schüler, déi dat nächst Schouljoer op enger 6^e oder enger 5^e sinn, respektiv op enger 9^e sinn, hunn d'Méiglechkeet, sech op enger vun den 10^{en} am Lycée technique Josy Barthel anzeschreiwen. Desweideren ass virgesinn, fir scho mat der Rentrée 2002/2003 sämtlech Klassen aus dem Baufach, déi den Ament ënnert der Autoritéit vum Lycée technique des Arts et Métiers fonctionnéieren, an den neie Lycée technique op Mamer ze verleeën. Dës Formatiounen, déi den Ament nach op dräi verschiddene Sitë fonctionnéieren, ginn domadden op enger Plaz regroupéiert. D'Formatiounen ronderëm d'Baufach, sief et de CITP, de CATP oder den Technicien, stellen domadden e Schwéierpunkt an der Orientatioun an och an der Schoulofferte vun dem neie Lycée technique duer. Doniewent soll awer och eng Division Technique générale ugebuede ginn, sou datt et méiglech ass am Mamer Lycée technique, den Diplôme de fin d'études secondaires techniques ze maachen.

D'Gebai léisst eng Capacitéit vu ronn 1300 Schüler zou, déi, wann déi nei Schoul bis richtig fonctionnéiert, op 60 Klasse verdeelt wäerte sinn, wat dann engem reng arithmeteschen, ech betounen: reng arithmeteschen Duerchschnitt vun 22 Schüler pro

Klass entsprécht. D'Kommissioun begréisst d'Intentioun vun der Regierung fir derfir ze suergen, datt aus pedagogesche Grënn d'Klasseneffektiver net zevill héich sinn, grad ewéi d'Beméiungen, fir d'Zuel vun de Schüler pro Gebai net zevill héich unzesetzen.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, erlaabt mer bei dëser Geleeënheet op de Plan sectoriel Lycées ze schwätzen ze kommen, wou den Avant-projet jo virgesäit, datt bis d'Joer 2010 nach 3 bis 6 weider Lycéee sollen hir Dieren opmaachen, an dat, nieft deene scho geplangte Renovatiounen an Extensiounen. D'Kommissioun begréisst, datt d'Regierung gewëllt ass, den Neibau vu Schoulgebäier elo zügeg virunzedreiwten, fir esou den aktuelle Mangel u Schoulraum ze behiewen, dat heescht, déi Containeren, déi mer iwwerall gesinn, erëm ofzebauen, an eben och der rasanter demographescher Entwécklung gerecht ze ginn.

Mer wëllen awer just nach eng Kéier drop opmierksam maachen, datt déi äusserst laangwiereg Prozeduren esou Projeten ëmmer verschleefen, well vun der Décisioun bis zur Ouverture vun engem neie Lycée oft net manner ewéi 8 Joer verginn. Et muss een sech duerfir eeschthaf Gedanken ëm eng Straffung vun dëse Prozeduren maachen. Nieft der erfuerderlecher Qualifikatioun vun de Membere vun der Direktioun an deenen 110 Enseignantë gesäit de Projet de loi och nach d'Schafung vun enger Rei vu Poste fir den techneschen an administrativen Encadrement vun dësem neie Schoulbetrieb vir. Et sinn dat ee Bibliothekar-Dokumentalist, e Redakter fir d'Sekretariat, dräi Employés de l'Etat aus der Carrière D, 10 Handwierker, ee Portier, zwou Hëlfskräften an zwee Aarbechter. Et entsprécht dat plus au moins deem Staff, deen och aner Lycéeeën zur Verfügung steet, déi eng vergläichbar Gréisst hunn.

An dem neie Lycée technique wäert dann och e Service de Psychologie et d'Orientation scolaire fonctionnéieren, fir dee mat dësem Gesetz d'Poste vun engem Psycholog, engem Assistant social an engem Educateur gradué geschafe ginn. Wat de Poste vum Assistant social an dem Educateur gradué ubelaangt, esou ass dat bekanntlech eng Obligatioun, déi sech aus dem PAN-Gesetz ergëtt.

Zesumme mam Projet de loi, huet d'Regierung och eng Fiche financière virgeluegt, déi iwwert de finanziellen Impakt vum Lycée technique Josy Barthel Opschloss gëtt. Esou ginn d'Käschte pro Joer op ronn 10 Milliounen Euro geschat, woubäi 9,4 Milliounen eleng fir d'Personalkäschten agesat sinn. D'Regierung huet dunn den 19. Abrëll vun dësem Joer en Amendement zu dësem Gesetzesprojet an der Chamber déposéiert, an zwar gëtt mam Artikel 9 vun dësem Gesetz den Artikel 3 vum Gesetz vum 3. August 1998 iwwert d'Konstruktioun vum Mamer Lycée ofgeännert, woumat d'Regierung autoriséiert gëtt, 230

Milliounen méi fir de Bau auszeginn wéi ursprüngelech virgesi war.

D'Gesamtkäschte belafen sech domadder op 2.720.000.000 eiser Frang. Dës zousätzlech Käschte si bedingt duerch eng nodréigleche Ofännerung vun de Baupläng. Well d'Gebai jo un éischter Linn deenen ugebuedene Formatiounen muss Rechnung droen, also besonnesch deenen techneschen Uspréich aus dem Baufach, sinn zum Beispill net manner wéi 16 Atelieren noutwendeg.

Well 1998 awer nach net definitiv feststung, wat fir eng Ausrichtung dat neit Schoulgebai sollt kréien, konnten déi ursprüngelech Pläng d'Ufuerderunge vum Baufach net respektéieren. Déi entspriechend baulech Modifikatiounen schloe mat 60,8 Milliounen Frang zu Buch. Dës weidere gëtt elo e Vélos- a Foussgängerwee bis zur Eisebunn realiséiert, deen am Ufank net virgesi war. Dat mécht e Plus vun 23,2 Milliounen Frang. Well et an der neier Schoul och méiglech soll sinn, datt owes d'Installatiounen kënne genotzt ginn, sinn elo fir 40 Milliounen zousätzlech Parkplaze mat ageplangt.

Fir weider 28 Milliounen ginn d'Alentouren amenagéiert. Et soll awer och nach gesot ginn, dass iwwert en zousätzlechen Zucharrët, wéi och en ënnerierdesche Vélos- a Foussgängerwee, deen ënnert der N6 a Richtung Koplescht féiert, nogeduecht gëtt. D'Käschten heifir sinn allerdings net an der zousätzlecher Enveloppe vun 230 Milliounen virgesinn. Wat den Zucharrët ubelaangt, deen de Schülertransport jo daitlech kéint vereinfachen, esou soll deen iwwert de Fonds du Rail finanzéiert ginn. Et gesäit een um Beispill vum Lycée technique Josy Barthel ganz gutt, wéi wichteg et ass, datt, éier de Bauprojet op den Instanzewee geet, de Fonctionnement vun engem Lycée oder soss enger Infrastruktur an deene groussen Zich steet. An duefir nach eng Kéier de waarmen Appel vun der Kommissioun, fir an Zukunft, op d'mannst wat de Schoulbau ubelaangt, de Projet fir de Bau an dee fir de Fonctionnement parallel op den Instanzewee ze ginn. Dat misst jo an Zukunft méiglech sinn, virun allem, well et jo de gemeinsame Wonsch vun der Chamber an der Regierung ass.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, erlaabt mer ofschléissend nach e puer Wuert zum Avis vum Conseil d'Etat ze soen, deen de 15. Mee 2001 virlung. Mat Ausnahm vun e puer textuellen Ännerungen begreist de Statsrot dëse Projet. Déi eenzel Remarken a Propositionen huet sech d'Kommissioun zu eege gemaach a proposéiert zum initialen Text dräi Amendementer: Et geet do fir d'éischt ëm den Intitulé vum Gesetzesprojet, deen opgrond vun den Amendementer vun der Regierung iwwert den Dépassement vun de Baukäschten elo heescht: *Projet de loi portant création d'un établissement d'enseignement secondaire technique à Mamer et modification de la loi du*

3 août 1998 relative à la construction d'un lycée à Mamer.

Da gëtt och nach am Artikel 5 den Terme „qualifications“ duerch „conditions de nomination“ ersat. A fir et ze erméiglechen, datt elo schonn d'Préparatiounsphase mat engem Deel vum Personal kann ulafen, gëtt am Artikel 7 de Statsbudget vum Joer 2002 duerch deen aus dem Joer 2001 ersat.

Dat gesot, géif ech lech bidden dëse Projet de loi ze stëmmen, well en noutwendeg ass fir datt dësen neie Lycée technique ka funktionnéieren, well en den Ausbildungsméiglechkeeten an engem wichtege Secteur vun eiser Economie, an zwar dem Bau, nei Impulser ka ginn, a well en net zulescht dem Mangel u Schoulraum an der Region Zentrum entgéint wierkt.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Fred Sunnen agedroen. Den Här Sunnen huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Fred Sunnen (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Claude Meisch huet eis hei en excellente Rapport virgeluegt, souwuel schrëftlech wéi och mëndlech. Ech wollt him am Numm vu menger Fraktioun merci soe fir déi Aarbecht, déi hie geleescht huet. Hien huet et verstanen, déi substanzuell Punkte vun dësem wichtege Projet ervirzehiewen. Ech wëll mech dofir a menger Interventioun nëmmen op e puer Denkestéiss limitéieren.

Här President, de Kanton Capellen kritt säin éischte Lycée. De Lycée Josy Barthel zu Mamer leescht domadden en onerlässeleche Beitrag zu der Entlaaschtung vun de Stater Lycéeën. An dësem Schouljoer hu missen 3.231 Schülerinnen a Schüler hiren Unterrecht a Containeren ofsätzen. De Mamer Lycée schafft 1.300 nei Schülerplazen, souwuel am Secondaire classique, wéi och am Secondaire technique an am Régime préparatoire. Den Akzent gëtt op Klasse geluegt déi fir e spéidert Handwierk ausbilden. Déi technesch Lycéeën kënnen elo méi rational d'Formatiounen ënnert de Secondaireeschoulen aus dem Zentrum opdeelen. Dobäi stinn d'Formatiounen fir en CITP an CATP, a fir den Techniker am Bausecteur am Vierdergrond. Speziell an dësem Secteur feele qualifizéiert Aarbechtskräften. De Lycée technique Mathias Adam zu Péiteng muss dringend nei gebaut ginn. Et feelen och do Klassen, déi scho säit Joren ageklot sinn. Den Transfert vun de Péitenger Schüler am Génie civil an am Bausecteur ginn en bloc an de Mamer Lycée fir d'Rentrée 2002/2003 transféréiert. Dësen Transfert stellt dohier och eng Entlaaschtung fir de Péitenger Lycée technique duer.

Wichteg sinn awer virun allem Entlaaschtungen vum öffentleche Schülertransport, wéi och vun der Verkéierssituatioun an der Stad Lëtzebuerg.

Dëst ass alles luewenswäert, mä et mussen awer nach weider Efforte gemaach ginn, an déi ambitiéis Projeten, déi sech d'Regierung gesat huet, mussen zügeg viru gedriwwen ginn. De Statsminister huet a senger Ried zur Lag vun der Natioun ugedeit, datt eis déi géigewäerteg demographesch Entwécklung dozou oprëfft, Schoulen a Schoulraim a genügend grousser Zuel ze plangen. D'Regierung hat am November 1999 decidéiert, en Aarbechtsgrupp ze kreéieren, fir e „Plan sectoriel: Lycées“ auszeschaffen. Dësen Aarbechtsgrupp setzt sech aus Verrieder aus den eenzelne Ministère zesummen. Den zweete Volet befaasst sech mat der Schafung vun neie Lycéeën, deen den demographeschen Entwécklungen an de géigenwäertegen Ausbildungsméiglechkeete Rechnung dréit. De Schlussbericht gesäit vir, datt 6 nei Lycéeën geplangt a gebaut musse ginn. Den Aarbechtsgrupp huet seng éischt Décisioun iwwert den Emplacement geholl. Sou kritt de Süden an der Industriebrooch op Belval en neie Lycée, dee ganz sécher seng Berechtigung niewent der Cité des Sciences huet an deen de steigenden Awunnerzuelen am Süden gerecht gëtt. De Kanton Réiden kritt och säi Lycée, wou en öffentlecht Internat dran integréiert ass.

Ech begrëssen dës Projeten ausdrécklech a bréngen dofir d'Hoffnung zum Ausdrock, datt dësen ambitiéis Programm konsequent a schnell realiséiert gëtt.

Här President, de Konstruktionsprogramm vum Mamer Lycée huet verschidden Ännerungen erfuer, déi en Dépassement vun 230 Milliounen Frang néideg gemaach huet. Den 19. Abrëll 2001 huet d'Regierung en entsprechenden Amendement déposéiert. Nei adequat Infrastrukture sinn noutwendeg ginn, dëst no der Décisioun vun der Regierung, datt Mamer eng komplett Gamm un technesche Formationen, virun allem am Bautesector an och an der Division technique générale ubidde soll. Weider Ausgaben - Dir kënnt dëst am Rapport vun der Educatiounskommisioun noliessen, an de Rapporteur ass drop agangen - stinn un, wéi beispillsweis e Vëlos- a Foussgängerwee a Parkplazen, déi den Dépassement rechtfertegen. De Gesetzestext ass an dësem Sënn modifiéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll awer och nach op en aneren, menger Meenung no e wichtege Punkt aus dësem Projet hiweisen, dee sech awer net nëmmen op dëse Projet limitéiert, mä nach ganz aner Voleten sozialer Natur mat aschléisst.

Eis Schoulen a Lycéeën sollen de Kanner e Spigelbild vun der sozialer Situatioun vun eiser Lëtzebuerger Gesellschaft vermëttelen. Et ass nun eben emol sou, datt Kanner aus finanziell gutt situéierte Familljen an aus Familljen, wou d'Elteren sech dagdeeglech ëm hir Kanner an hir Problemer këmmere, sech a méi grousser Zuel am Lycée classique erëmfannen. Kanner mat Léierschwieregkeeten, oder déi, déi doheem mat familiäre Problemer dagdeeglech konfrontéiert sinn, kommen an der Schoul net esou gutt virun a ginn

nom 6. Schouljoer éischter a Strukture vun engem Lycée technique orientéiert.

Déi eng komme mat deenen aneren a getrennte Lycéeën kaum a Kontakt. Dëst ass Ursaach vun Elitismus, engem falsch verstanenen a falsch vermëttelte Kompetitiounsdenken an enger Zwou-Klasse-Gesellschaft ënnert de Schüler.

Am Lycée Josy Barthel wäerte Schüler aus dem Enseignement classique, dem Enseignement secondaire, an aus dem Régime préparatoire zesummen ënnert engem Dag hiren Unterrecht kréien. De Statsrot huet a sengem Avis bekräftegt a begréisst, datt sech Schüler aus deene verschiddenste Milieue solle begéien. De Schüler gëtt et d'Méiglechkeet, sech fir déi sozial Problemer vun hire Matschüler ze sensibiliséieren. Dem Léierpersonal kënnt och eng Schlësselroll entgéint, well et ass un hinnen, fir op sozial Problemer opmierksam ze maachen an ze verhënneren, datt et zu enger sozialer Segregatioun innerhalb vun der Schoul kënnt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss vu menger kuerzer Interventioun. De Lycée Josy Barthel ass e wichtege Schrëtt fir der Pénurie un Infrastrukturen am Postprimaire entgéint ze trieden. Ech plädéieren derfir, déi weider gestreckten Ziler schnell ze realiséieren.

Ech ginn heimat och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet a soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Marc Zanussi agedroen. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, am August 1998 ass déi lescht Regierung autoriséiert ginn, de Lycée Mamer ze bauen. Eng Rei vun de Leit déi haut hei ronderëm den Dësch setzen, waren deemools beim éischte Spuete-stéch dobäi. Deen Text, dee mer haut diskutéieren, beschäftegt sech mat zwee Voleten, engersäits mat der administrativer an der pedagogescher Struktur an anersäits mat dem Gesetz vun 1998 iwwert de Bau, wat soll ëmgeännert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ufänke soll dës Lycée mat senger Aarbecht 2002/2003; dat ass also schonn d'nächst Joer am September. Zum pedagogesche Konzept war dem Rapporteur seng Ried zimlech ausféierlech, sou dass ech net méi brauch dorop anzegoen. Ech wëll awer vun dëser Geleeenheet profitéieren, fir him merci ze soe fir seng Aarbecht a fir säin detailléierte mëndlechen a schrëftleche Rapport. Just awer zu der Neiegkeet, déi doranner besteet, datt effektiv an deem dote Lycée alleguerten d'Ausbildunge vum Génie civil a vum Bâtiment konzentréiert ginn: Dat ass eng Diskussioun gewiescht an der Kommissioun, déi Eestëmmegkeet fonnt huet. Dat geet net bei allen Ausbildungsberäicher déi mer

hei am Land hunn, mä mer waren als Fraktioun der Meenung, datt et sënnvoll wier, op dësem Punkt an an dësem Beräich deen dote Projet ze probéieren an d'Erfahrung muss da weisen, ob et sënnvoll war oder net; mir sinn awer an deem dote Fall zouversichtlech. Ech sinn och frou iwwert d'Ausso vum Här Sunnen an deem Zesummenhang, datt an deem dote Projet all Ordre d'enseignement vertraueden ass, de Secondaire, de Secondaire technique an de Régime préparatoire.

Dat ass eiser Meenung no ganz begrëssenswäert. Mir hunn hei an der Chamber scho méi wéi eng Kéier iwwert de Régime préparatoire diskutéiert an iwwert d'Noutwendegkeet vun der Integratioun. Datt déi Integratioun hei stattfënnt ass en Zeechen heifir, dass déi pedagogesch Ausrichtung vum Gesetz iwwert de Régime préparatoire respektéiert ginn ass, en Émstand dee mer leider net an alle Schoulen hei am Land zréckfannen. An ech wëll nach eng Kéier hei betounen, datt mer als LSAP insistéieren, dass all Projet, deen nei gebaut gëtt, deem dote pedagogesche Grondsatz, jo esouguer dësem gesellschaftspolitesch relevanten Usproch gerecht soll ginn. Sollt et net méiglech sinn, déi dräi Ordres d'enseignement an engem Neibau an Zukunft ze vereenegen, dann ass eiser Aschätzung no dee Site, deen dofir virgesinn ass, net géeegent a wann ech d'Ausféierunge vum Conseil d'Etat an Erënnerung ruffen, déi den Här Sunnen virdrun zitéiert huet, dann dierft jo och den Här Sunnen déi doten Aschätzung deelen, wéi hien dat jo och aus senger privater Erfahrung weess. Mir begrëssen ausdrécklech, dass hei déi dräi Ordres d'enseignement zesumme sinn, a mir bleiwen dobäi, datt e Site, deen deem doten net gerecht gëtt, net géeegent ass.

Ebenfalls begrësse mer d'Ariichtung vum Centre de Psychologie et d'Orientation scolaire, mat sengem qualifizéierte Personal, wat am Kader vun deem dote pedagogesche Konzept sécherlech eng Noutwendegkeet ass, deen och seng Resultater wäert weisen. Niewent deem pedagogesche Konzept, huet dat Gesetz awer och en zweeten Deel: Iwwert de Wee vum Amendement sinn 230 Milliounen Dépassementer gestëmmt ginn, déi d'Ursaachen doranner hunn, dass de Bauprogramm op Grond vun deem virdru genannten Zesummeleë vum den Ausbildungszweigen geännert ginn ass. Mir hunn als LSAP do eis Bedenken an de Jeannot Krecké, als Fraktiounspresident, wäert och nach eng Kéier am Kader vun dëser Diskussion zréckkommen.

Dann hu mer awer och an der Fraktioun geschwat iwwert de Seuil critique vun der Zuel vun de Schüler. Virun enger Rei vu Sétzungen an der Chamberskommissioun gouf de Plan sectoriel fir d'Lycéeë presentéiert. An deem Plan sectoriel geet och vun deem Seuil critique Rieds. Am Rapport ass op Grond vun der Diskussion an der Kommissioun festgehalen ginn, dass dee Seuil critique praktesch iwwerholl gëtt, deen och am Plan sectoriel dra steet, deen engersäits

bei deenen enge Lycéeën 1.500 Schüler, an an deenen anere Lycéeën 1.100 Schüler als Maximum voraussetzt. Dat huet eis Zoustëmmung fonnt an et ass och gutt, dass et am Rapport nach eng Kéier festgehalen ass. Ebenfalls kann een der Zoustëmmung vun dem Conseil d'Etat nëmme bäipflichten, déi beseet, dass net méi wéi 25 Schüler an enger Klass sollen an deem dote Lycée an och op anere Plazen dra sinn.

Niewent der Tatsaach, datt mer iwwert déi dote Froen diskutéiert hunn, huet d'Kommissioun sech och beschäftegt mat der Fro vum Rekrutement vun den Enseignanten, wuelwëssend, datt dat am Moment e Problem duerstellt. Am ursprüngeleche Rapport begrësst d'Kommissioun et wierklech, datt d'Mme Minister an d'Richtung geet, fir d'Rekrutementselementer an d'Rekrutementskriterie llicht ëmzeänneren am Sënn vun enger méi grousser Flexibiliséierung. Mir hunn no der Diskussioun u sech der Grondiddi zougestëmmt, dass effektiv iwwert d'Rekrutementsmodalitéite misst diskutéiert ginn, well mer hunn alleguerten Intérêt drun, gutt Enseignanten an d'Lycéeën eran ze kréien. Mä no kuerzer Diskussioun: Wann nei Rekrutementskritäre festgesat ginn, muss dat iwwer e Gesetz geschéien, dat selbstverständlech an der zoustänneger Kommissioun intensiv diskutéiert muss ginn.

Dann der Tatsaach Rechnung droend, datt de Lycée hei op den Territoire Mamer kënnt, war et interessant ze gesinn, datt d'Gemeng Mamer sech am Oktober 2000 mam Gemengerot intensiv mat dësem Projet beschäftegt huet an eng Motioun ofstëmme gelooss huet, déi se un den Educatiounsministère gericht huet a wou de Bauteministère eng Rei vun Uspréich gestallt huet: Ökologesch Bauweis, Solarenergie, Reewasser- notzung, Ubannung un d'Vëlosnetz, Ënnerféierung fir d'Foussgänger, CFL-Haltestell, Usschluss vun de Gemengeninfrastrukturen un e Blockkraafheizwierk, zousätzlech Parkplazen, zousätzlech Bushaltestellen, fir nëmmen déi ze nennen. Am Projet sinn dann och eng Rei vun deene Saachen zréckbehalen ginn, notament déi Fro vum Foussgänger- a Vëloswee, an och déi zousätzlech Parkplazen, déi geschafe solle ginn, wat zesummen e Käschtepunkt vu ronn 90 Milliounen ausmécht. Déi aner Elementer, Zuchhaltestell a Vëloswee wéi Unterföhrung stinn am Rapport dran, sinn awer an der Enveloppe budgétaire net enthalten, mä déi sollten iwwert de Wee vum Fonds du rail finanziert ginn.

Ech wëll op dëser Plaz just der Gemeng Mamer an dem Schaffen- a Gemengerot félicitéiere fir deen Asaz an déi Hartnäckegkeet, mat där si vis-à-vis vum Stat an d'Verhandlungen gaange sinn, a se och félicitéiere fir dat Resultat wat se erzielt hunn. An d'Gemengepapp, déi hei sëtzen, sollten sech fir déi zukünftege geplangte Lycéeën d'Motioun vum Gemengerot Mamer ukucken an se an der Täsche halen, wann deemnächst bei hinnen um Territoire e Lycée gebaut gëtt. Do ass eng interessant a gutt Viraarbecht geleescht ginn.

Da wollt ech nach e puer Wuert zu deem Plan sectoriel soen, dee mer virun enger Rei vu Wochen an der Chamberskommissioun diskutéiert haten. Mir haten och hei schonns eng Kéier kuerz Rieds, mä et schéngt mer an dësem Zesummenhang interessant ze sinn, dat Dokument ze erwähnen, alleng aus der Tatsaach eraus, dass jo dee Lycée, wann en elo hei un d'Netz geet, de Plan sectoriel, deen elo nach keen definitiivt Dokument ass, dat nach amgaangen ass iwwerschaaft ze ginn, mä dee wäert jo mat grousser Wahrscheinlechkeet dee Moment a Kraaft trieden.

An deem Plan sectoriel gëtt d'Land an zwee Secteuren agedeelt, an den Norden an an de Süden, esou dass all Ausbildungszweiger, ausser et si spezialisierter, kënnen an deem engen oder anere Secteur ugebuede ginn.

An deem Dokument steet ebenfalls de Seuil critique, deen ech virun drun annoncéiert hunn, wou vu 1.500 Schüler an dem Lycée classique an 1.100 Schüler an dem Lycée technique Rieds gaangen ass. An deem Plan sectoriel geet och Rieds dovun, dass d'Direkteren an Zukunft d'Méiglechkeet kréien, Kanner, déi net aus der onmëttelbarer Géigend vun deem Lycée wunnen, ze refuséieren, esou dass iwwert deen dote Wee probéiert gëtt, e bëssen d'Streim vun de Schüler ze kanaliséieren. An deem Dokument steet ebenfalls, dass mer bis d'Joer 2010 mat engem Plus vun 11.000 zousätzleche Schülerinnen a Schüler kënnen rechnen, wat u sech, wann een alleguer d'Baute kuckt, déi elo am Plang sinn, als Konsequenz huet, dass mer fir d'Joer 2010 och en Defizit un Infrastrukture fir ronn 8.000 Schüler hunn, 3.200 am Süden, 2.600 am Norden, 1.900 am Osten an 300 am Zentrum.

An deem Dokument sinn dann och eng ganz Rei vun interessante Grafiken, fir feststellen, wou déi Vides scolaires sinn a wou an Zukunft déi nei Lycéeën solle gebaut ginn. Ech denken, dass mer vläicht nach eng Kéier d'Geleeënheet kréien an der Kommissioun iwwert dat Dokument ze schwätzen, wann et méi wäit évoluëiert ass a wann ee weess watfir eng Problemer à la source scho bestinn, fir Lycéeën ze bauen, sief et doduerch, dass et Problemer gëtt mat de Siten duerch kontaminéierte Buedem, duerch Transportuschlëss, duerch d'Noperen oder ech weess net wat, wier et vläicht sënnvoll wann d'Mme Ministerin géing kucken, nodeem dee Plang arrétéiert ass, scho mat de Gemengen a Kontakt ze trieden, fir deene Problemer, déi mer hu beim Siche vu Siten, esou wäit wéi méiglech aus de Féiss ze goen.

(Interruption)

Ech wëll just drun erënneren, wann et am Gesetz steet, dann ass et nach net gemaach.

An deem Dokument gëtt dann och, op Grond vun deenen Objektiver, déi do festgehale sinn, festgestallt watfir eng Lycéeën an deenen nächste Joren zu watfir engen Datumme musse gebaut ginn. A wann ee weess, dass dat doten en Zil ass, dat ganz héich

Uspréich stellt an et weess een, dass mer effektiv an deene leschte Joren am Duerchschnëtt ëmmer 8,4 Joer gebraucht hu fir e Lycée ze bauen, da weess een, dass ee mat deene Prozeduren, esou wéi se am Moment bestinn, dat Zil net kann erreechen.

A wa virun de Rapporteur gesot huet, dass jidde-reen domat d'accord ass, dass d'Prozeduren mussen erlichtert ginn, fir an Zukunft Lycéeën ze bauen, dann ass deem nëmmen zouzestëmmen. Dat ass och eng vun de Schlussfolgerunge vum Rapport aus dem Plan sectoriel. Allerdéngs, mengen ech, wann een d'Vergaangenheet kuckt, da war dat do en Thema, dat regelméisseg hei opgetaucht ass. Ech ka mech net erënneren, dass et bis ewell gelongen ass, dee Problem bis ewell ze léisen.

Dofir fannen ech, dass d'Politik, d'Chamber an d'Regierung Courage mussen hunn, fir effektiv am Beräich vun de Prozeduren eeschthaf opzeraumen, fir deem Problem aus de Féiss ze kommen.

Wa mer vun de Prozeduren schwätzen, dass se ze laang sinn, an deen heite Plang och nëmmen eene-germoosse wëllen anhalen, da geet et net, dass mer higinn an d'Prozeduren ëm sechs Méint oder ëm ee Joer reduzéieren, mä mir musse carrément d'Prozeduren ëm d'Halschent reduzéieren, fir deen heite Plang kënnen anzehalen. Dofir brauche mer awer sécherlech e bësse Fantasie an e bësse politesche Courage, fir dat duerchzesetzen, well ech denken, dass mer herno den Elteren an de Kanner net erkläert kréien, firwat dass se mussen a Containere sëtzen, a schlechte Raimlechkeeten, wa mer elo scho wëssen, dass déi dote Situatioun op eis duerkënnt, a mir mussen, wéi gesot, eeschthaf driwwer nodenken, wa mer net an deenen nächste Joren an e ganz, ganz eeschten infrastrukturellen Noutstand an de Schoule wëlle kommen. Mir mussen Effore maachen, fir déi Problematik an de Grëff ze kréien.

Dat gesot zum Plan sectoriel, an der Hoffnung, dass mer zesummen dee Problem geléist kréien, wëllt ech ofschléissend den Accord vun eiser Fraktioun zu deem Projet bréngen a merci soe fir d'Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als nächsten Diskussionsrieder ass den Här Xavier Bettel agedroen. Den Här Bettel huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëll uganks vu menger Interventioun dem Rapporteur Claude Meisch merci soe fir säi schrëftlechen a mëndlechen Rapport. Säi Rapport war esou komplett, dass ech nëmmen op eenzel Punkte wäert agoen, déi mir an dësem Gesetzesvorschlag besonnesch wichteg schéngen ervirgehuewen ze ginn.

Bei der Organisatioun vum neie Lycée zu Mamer ass sécher, dass souwuel den ënneschten Zyklus vum Secondaire classique wéi och vum Secondaire technique an de Régime préparatoire an engem Gebai regroupéiert ginn, eng Entscheidung, déi d'CSV/DP-

Regierung am Koalitionsaccord vum August 1999 festgehalten huet. All neien Etablissement secondaire soll, esou wäit et méiglech ass, e komplette Cycle inférieur vum Enseignement secondaire technique et classique, esou wéi e Régime préparatoire offréieren.

Dës positiv Mesure bréngt mat sech, dass all Schüler aus der Émgeigend vu Mamer de Virdeel vun engem Lycée de proximité notze kënnen. Dovun ofgesinn hëlleft dës Mesure och deene längst saturéierte städtische Lycéeën, dee groussen Aflux un neie Schüler ze meeschteren, dee se oft nëmmen duerch proviso-resch Structures d'accueil an de Grëff kruten.

Dës Mesure huet awer net nëmme praktesch, respektiv organisatoresch Virdeeler. Och um soziale Plang sprécht viles dofir, déi verschidden Zyklen ënner engem gemeinsamen Daach ze verbannen. Oft héiert ee jo, d'Schüler wieren eigentlech d'Spiegelbild vun eiser Gesellschaft. Abbee, da musse mer och higoen an de Kontakt tëschent de Schüler aus alle Régimes scolaires a soziale Milieue fördern. D'Schoul vun der Integratioun, déi mir wëllen opbauen, besteet net nëmmen um Pobeier.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. D'Organisa-tioun an d'schoulesch Offer vum Lycée Josy Barthel hunn och hir eege Spezifisitéiten. Niewent der Méiglechkeet vun enger Division technique générale, mat ofschléissendem Diplôme de fin d'études secon-daires techniques, konzentréiert de Mamer Lycée sech gréisstendeels op d'Formatioun am Génie civil a Bâti-ment.

Dës Moosnam dréit dozou bäi fir déi verschidde Formatiounen an de Lycées techniques vun der Region Zentrum méi équilibréiert ze verdeelen an domat och méi konstruktiv un deenen eenzelnen Ausbildungen ze schaffen. Bis dato wor zum Beispill d'Ausbildung vun de Métiers du bâtiment et génie civil op dräi verschidde Sitë verdeelt: de Lycée tech-nique des Arts et Métiers, den IST an de Centre op der Helfenterbréck.

De Regroupement am Mamer Lycée bedeit och sécherlech, datt d'Schüler besser infrastrukturell Méiglech-keeten zur Verfügung hunn an och duerch d'Proxi-mitéit vun den Ateliers zum Beispill op eng konstruktiv Zesummenaarbecht ziele kënnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech géing nach gare kuerz op den Dépassement vun der budge-tärer Enveloppe, dee gréisstendeels duech eng Émän-nerung vum Bauprogramm entstanen ass, ze sprieche kommen. An deem Sënn géing ech gären ënnersträi-chen, dass vun deenen 230 Milliounen Frang nëmme 60 Milliounen op d'Modifikatioun vum Contenu zréckzeféiere sinn an zwar duerch den Aménagement vu Lokaler an adequaten Installatiounen, déi fir déi eenzel Formatiounen gebraucht ginn. De gréissten Deel vun de Supplémentë kënnst duerch den noutwendege Bau vu Stroossen asw.

Allerdéngs si mer eis eens, dass Changementer vum Programm vun engem Lycée eng Ausnahm bleiwen, déi awer am Fall Mamer fir de Fortgank vum Projet indispensable sinn. De Mangel u schouleschen Infra-strukturen ass scho grouss genuch, fir nach onnéideg Zäit ze verléieren. Émsou méi begreissenswäert ass et, datt d'Educationnsmnistesch dofir suerge wäert, datt de Bauprogramm net méi onnéideg duerch eventuell Émännerungen an der Organisatioun oder dem Fonc-tionnement behënnert gëtt. Dofir wëllt ons Ministesch an Zukunft de Gesetzesvorschlag iwwert d'Kreatioun vun engem Etablissement d'enseignement gläichzäiteg zum Bauprojet déposéieren.

Ech wëll datselwecht.

Et soll ee keng Këscht bauen an déi een net weess wat dra kënnt an et soll een net eppes plangen, wann een net weess wat op een duerkënnt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Zum Schluss wëllt ech nach gären drop hiweisen, datt duerch dee fréien Dépôt vun dësem Gesetzesvorschlag d'Regie-rung iwwert déi néideg a bestëmmt och wëllkommen Zäit verfügt fir d'Nominatioun vun der Direktioun an de Rekrutement vum Personal. Op dës Manéier wäert et der zukünftiger Direktioun, zesumme mam respek-tive Léierpersonal, méiglech sinn, fir de Mamer Lycée dat beschtméiglecht pedagogesch Konzept ausze-schaffen, e Konzept, dat, wéi mer dat elo schonn aus dem Lycée Aline Mayrisch kennen, de Besoine vun de Schüler an de Ufuerderunge vun de Formatiounen gerecht gëtt. Dofir stëmme mir als Demokratesch Partei dëse Projet.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Fir d'éischt och vun eiser Säit aus e Merci un de Rapporteur, de Kolleeg Claude Meisch, fir säin excellente schrëftleche wéi och münd-leche Rapport. Wann een de Rapport gelies huet an de Rapporteur a meng dräi Virriedner héieren huet, dann ass et ganz schwéier fir bei esou engem Projet wéi deem hei nach viles derbäi ze flécken. Et ass am Fong e logesche Projet, dee mer haut hei stëmmen, deen d'Konsequenz ass vum Gesetz vum 3. August 1998, wou am Fong de Lycée vu Mamer hei an der Chamber gestëmmt ginn ass. Am Kader vun där Debatt ass deemools och vun alle Säiten op déi schoulpolitesch Infrastrukturen higewise ginn an dofir ass haut och net de Moment, fir déi Debatt nach eng Kéier ze entwéckelen.

Et ass deemools geschwat gi vun den Dezentralisa-tiounen quiesch duerch d'Land vun de schouleschen Infrastrukturen. Et ass geschwat gi vun de Maximume vun den Elëven, déi sollten an deenen eenzelne Lycéeën opgeholl ginn.

De Projet vun haut limitéiert sech, esou wéi d'Gesetz dat och virgesäit, am Fong op d'Struktur vun dësem Lycée, deen den Numm Josy Barthel dréit, e fréiere Kolleeg vun eis heibannen, deen awer net nëmme seng Mériter um politeschen, mä och um sportlechen a virun allem um mënschleche Plang hat. Dofir si mer alleguer frou, dass dee Lycée säin Numm kritt, deen e sécherlech verdéngt huet.

Dëse Projet nennt dann am Exposé des motifs och alleguer déi Chifferen, déi den Enseignement kascht, an et sinn important Chifferen. Ech wëll, wann ech e puer Chifferen hei nennen, net domat déi Chifferen a Fro stellen oder soen, si wieren net berechtegt, mä nëmme just drop hiweisen, datt d'Schoulwiesen eng grouss an eng wichteg Investitioun ass, déi eis Gesellschaft muss leeschten.

D'Enseignantë kaschten all Joer 350 Milliounen, d'Administratioun iwwer 20 Milliounen, verschidden Indemnitéiten oder fir d'Aarbechter 6 Milliounen. Da kënnt nach eng Retsch derbäi.

D'Fro, déi ee sech heibäi muss stellen, ass net nëmme eleng am Zesummenhank wat d'Schoulwiesen ubelaangt, mä et ass am Fong geholl eng Konsequenz vun där grousser Entwécklung, déi mer op ekonomeschem Plang hei am Land hunn, wou mer ëmmer méi Leit an d'Land kréien an domat méi Jugendlecher, méi Kanner an dofir méi Schoule brauchen.

Mir kënnen haut an den Zeitunge liese wann déi eenzel Gemenge quiesch duerch d'Land tagen, dass iwwerall schoulesch Infrastrukturen um Niveau vun de Gemenge mussen nogebaut ginn. D'Konsequenz dovun ass, dass mer muer an iwwermuer an där Etapp duerno, dat heescht an de Lycéeën, nei Infrastrukture bauen, quitte dass mer am Abléck schonn e gewëssenen Nohuelbedarf do hunn.

Dat heescht also, dass mer an déi Richtung an deenen nächste fënnef bis zéng Joer mussen intensiv investéieren, fir déi néideg schoulesch Infrastrukturen hei am Land ze kréien, an da geet et net duer mat den Infrastrukturen, mä d'Fro stellt sech och fir genuch Enseignanten, souwuel an de Primaire wéi an d'Lycéeën ze kréien.

Mir hunn déi nächst Woch hei eng Debatt vum Kolleeg Mars Di Bartolomeo iwwert de Logement. Et ass am Fong och eng Konsequenz vun där positiver ekonomescher Entwécklung, déi mer hei am Land hunn, datt mer net méi genuch Plaz a Wunnraum hunn, dee fräi ass fir alleguer deene Leit e Logement ze ginn. Där Politike gëtt et ganz vill hei am Land an dofir ass eng vun deene kruziale Froen déi, op déi mer awer nach keng Äntwert fonnt hunn, wou mer als Gesellschaft wëllen histerien a wéi d'Entwécklung hei am Land soll weidergoen. Wëlle mer dee Stat vu 700.000 oder 800.000 Leit? Et gëtt der, déi schwätze vun 900.000 Leit. Si mer eis och bewosst, wat dat alles vun Nofolgekäschte mat sech bréngt? Packe mer

déi, wëlle mer déi ? Dofir mengen ech, misst een och wéinst der Schoul déi Diskussioun hei eng Kéier global féieren.

Dat hei ass e Lycée, wou 1.300 Elëven dra ginn. Dat ass eng Zuel, déi mer als Maximum ugesinn, wat een haut soll an enger Schoul hunn.

Vun dësem Projet ass och profitéiert ginn, fir d'Kreditter iwwert de Wee vun Amendementer unzepassen. Mir begreissen dee Wee. Ech mengen, et ass gewosst, dass wann hei e Projet kënnt, wann en da gestëmmt gëtt, dass dee Projet net onbedéngt kann alles virgesinn. Mir hunn net méi spéit wéi gëschter e Projet gestëmmt iwwert den CNA, wou mer elo scho festgestallt hunn, dass déi eng oder aner Kreditter net géifen duergoen. D'Chamber huet dunn och gëschter gewisen, dass se dat versteet an och bereet ass, fir iwwer eng legal Basis déi Kreditter eng Kéier noze-stëmmen.

Esou ass et och an dësem Projet geschitt, wou mer zousätzlech Kreditter zu deenen 2,490 Milliarden, déi d'Gesetz vum August 1998 virgesinn hat, vun 230 Milliounen nostëmmen, déi, esou wéi et aus dem Rapport ervirgeet an esou wéi et an der Kommission erkläert ginn ass, duerchaus berechtegt sinn.

Dat hei ass also insgesamt e gudde Projet an et ass och dofir selbstverständlech, dass en ons Zoustëmmung fënnt.

M. le Président.- Als nächsten Diskussionsrieder ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Dem Rapporteur soe mer selbstverständlech merci, och wann ech sai Rapport ouni Heulen, awer zumindest mat Zähneknirsche gestëmmt hunn, well dee Projet hei jo eng Altlast ass vu Sënnen aus der Vergaangenheet an e puer Hicken huet, déi ee jo awer muss bei aller positiver Voreingenommenheet hei zitieren.

Ech wëll fir d'éischt den Aspekt vum Konstruktionsvolet vun deem Projet belichten. Et ass schonn déi zweete Kéier an dëser Woch, wou mer et mat Rajouten ze dinn hunn, déi iergendwéi eng Kéier „vergiess“ gi sinn am Kader vun engem Bauprojet. An et ass net déi éischte Kéier a wahrscheinlech och net déi leschte Kéier.

Ech erënneren drun, dass iergendwann eng Kéier d'Bauteverwaltung festgestallt huet, dass se e riesege Musée fir esou an esouvill Milliarde géife bauen a vergiess hunn, an de Budget d'Émgeréits matanze-rechnen.

Ech erënneren drun, dass an engem wichtige Gebai vum CNA gëschter „vergiess“ ginn ass dat ze maache wat d'Regierung déi Privat opfuert ze maachen, nämlech éischens d'Utilisation rationnelle vun Energie an zweetens, déi renouvelabel an alternativ Energien ze berücksichtigen. Ech fannen dat komesch an ech

weess net, ob dat ëmmer Zoufall ass, oder ob an där Bauteverwaltung däermoosse geschlampt gëtt, dass ee bei deenen nächste Projeten ëmmer direkt schonn am Viraus muss oppasse wat do geschitt.

En zweeten Aspekt, dee mer am Bautevolet vun deem Projet guer net gefall huet, ass déi Aart a Weis wéi an der Kommissioun an och scho virdru mat de Wënsch vun der konzernierter Gemeng ëmgaange ginn ass, der Gemeng Mamer.

Ech hunn deemools an där Kommissiounssëtzung eng Kopie vun enger Motioun vum Gemengerot Mamer eragereecht, wou nach herno gesot ginn ass, dat wier just déi vun deene Grëngen, wat guer net wouer war, well et war eng unanime Motioun vum Gemengerot Mamer. An där Motioun steet net nëmmen dran, dass „insbesondere die Anwendung von Solarenergie sowie eine Regenwassernutzung zu prüfen“ wär. Dat heescht, do ass schonn am Virfeld, den 30. Oktober 2000, iwwert déi Energiefro geschwat ginn, mä och zwee zousätzlech Aspekter vum Bau erabruecht ginn, déi herno an enger ganz kurioser, quasi ëmgekéierter Aart a Weis berücksichtegt gi sinn.

D'Motioun vum Gemengerot Mamer seet:

1. „Schlägt wegen des starken Verkehrsaufkommens auf der einzigen Zufahrtsstrasse, der Arloner Strasse, den Bau einer Unterführung für Fussgänger und Radfahrer beim Kreisverkehr Tossenbergror, zumal das Niveau der Strassenführung angehoben werden wird.

2. Hält fest, dass die Notwendigkeit von zusätzlichen Parkplätzen für die Schüler sowie einer zusätzlichen Bushaltestelle in Lyzeumnähe auf der Arloner Strasse aufgrund der sich ergebenden Erfahrungswerte geprüft werden soll“.

Am Klortext heescht dat, d'Gemeng Mamer hätt gären e Rondpoint an eng Unterführung fir d'Foussgänger an d'Radfuerer. Si wëllt awer kee Parking, si wëllt just, dass op Grond vun Erfahrungswäerter dee Parking da soll dohinner kommen. A wat geschitt? Nämlech just de Contraire. D'Unterführung gëtt net gebaut an de Parking gëtt gebaut mam Argument, d'Gemeng hätt dee Parking gefuerdert.

Dat muss eng komesch Gemeng sinn, well dat muss da just vum Buergermeeschter oder vun engem Schäfte gewiescht sinn, dee säin eegene Gemengerot iwwergaangen huet an da beim Ministère interveniert ass, fir dass dat dote soll geschaaft ginn.

Dat heescht, mir bauen also an deem Projet hei e Parking, deen net gefrot ginn ass a mir bauen eng Unterführung, déi gefrot ginn ass, net. Dat sinn déi zwee Hicken, déi ech wollt an deem Konstruktionsprojet zitieren, quitte dass deen anere Volet, fir deen d'Mme Brasseur schëlleg ass doduerch, dass d'Votatioun vum Lycée op de Bau spezialiséiert ginn ass, natierlech logesch ass a kann argumentativ verteidegt ginn.

An deem Kontext wollt ech profitiere vun deem Projet, fir eng Motioun anzebréngen, déi soll vermeiden, dass dat dote weider geschitt, an zwar éischts bei deem nächste Lycée, deem vu Réiden. Ech krut nämlech vun deenen zwee Deputierten aus dem Kanton Réiden, dem Här Calmes an dem Här Gira, un d'Häerz geluegt, ech soll d'Chamber drop hiweisen, dass besonnesch am Kanton Réiden zum Aspekt vun alternativen Energien, besonnesch wat d'Solarenergie, Biomass a Bio-gas betrëfft, schonn e Gesamtkonzept an deem Kanton existéiert an dofir wier et ganz besonnesch wichteg am Kader vun deem Lycée dat doten ze berücksichtegen.

Ech hunn dunn eng Motioun gemaach an d'Ënnerschrëften opgelooss. Ech hoffen, dass déi aner Parteie Kolleegen a Kolleeginnen hunn, déi dat kënne mat ënnerschreien.

Ech hunn awer Léieren aus där Blamage, déi all Parteie gëschter haten, gezunn an ech zitieren dann déi Motioun:

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *saluant l'intention du Gouvernement de prévoir l'implantation d'un établissement de l'enseignement postprimaire dans le canton de Redange,*

- *saluant la détermination du Gouvernement de promouvoir l'utilisation rationnelle de l'énergie et l'intégration d'installations permettant l'utilisation d'énergies douces et renouvelables dans les édifices publics et privés,*

- *rappelant les difficultés du Parlement à assurer ex post une installation de photovoltaïque dans le cadre du projet de construction du CNA,*

- *considérant le concept énergétique établi dans le canton de Redange et l'utilisation dans ce contexte d'installations permettant l'exploitation énergétique de la biomasse et du bio-gaz,*

invite le Gouvernement

- *à considérer dans l'élaboration du projet de loi sur la construction du futur lycée de Redange les éléments précités et à les intégrer dans le concept d'infrastructure prévu pour la construction du lycée de Redange,*

- *à considérer dans tous les projets d'infrastructures publiques les aspects d'utilisation rationnelle de l'énergie et à prévoir l'installation d'énergies douces et renouvelables.*

(s.) Robert Garcia, Camille Gira.

Doduerch wäerten an deenen nächste Projeten esou houleuse Situatiounen wéi gëschter kënne vermiede ginn.

Da kommen ech zu deem wichtegsten Aspekt vun deem Projet, nämlech dem Contenant. Dat ass déi zweet Enttäuschung, déi mer eigentlech hunn no dem

Lycée Aline Mayrisch-de St Hubert, nämlech deem, dass mer d'Hoffnung hate säit dem Joer 1998, wou op Grond vun enger Motioun, déi hei eestëmmege ugeholl gi war, hätt kënnen de Glaf Entstoen, mir géifen an Zukunft an eng pedagogesch Autonomie am Kader vum postprimären Unterrecht goen.

Déi Hoffnung ass am Lycée Aline Mayrisch enttäuscht ginn, allerdéngs mam Argument, dat een hätt kënnen novollzéien, dass et do scho bal ze spéit war. Beim Lycée vu Mamer ass et net ze spéit gewiescht an dofir zitieren ech d'Diskussioun vum 2. Juli 1998, also vu virun dräi Joer, an zwar op dräi Aspekter.

Deen een Aspekt war deem, dass do eng Enttäuschung sech breetgemaach huet, dass de Secondaire net bis zum Schluss gefouert gëtt, wéi och déi konzernéiert Gemengen aus där Regioun et gefuerdert haten. De Moment hu mer jo eigentlech en Tronc commun, just op den éischten dräi Joer, allerdéngs net am Konzept vun enger integréierter Gesamtschoul, mä an där vun enger additiver Gesamtschoul. Dat heescht, der Cohabitation vun deenen dräi Ordres d'enseignement, ouni dass et awer tëschent deenen Ordres d'enseignement Passerelle ginn.

Ech zitieren einfach wat deemools gesot ginn ass: „Eng aner Optioun, déi d'Regierung beim Lycée wëllt huelen, ass déi, fir nëmmen de Cycle inférieur zu Mamer unzebidden. Dat ass a mengen Ae sécher net déi beschte Solutioun a si riskéiert sech och negativ op de Succès, dat heescht op d'Affluenz vun dësem Lycée, auszewierken. Sécher wäerten dann eng Rei Schüler an hir Elteren Iwwerleeunge maachen, fir hir Kanner direkt an enger anerer Schoul unzemellen, wou se no dräi Joer net méi mussen d'Gebai wieselen.“

Wann also Mamer soll all Chance kréien, misst onbedéngt e kompletten Zyklus ugebuede ginn, well mir hunn hei schonn d'Situatioun, wou am Secondaire nëmmen e Cycle inférieur ugebuede gëtt, wéi zum Beispill zu Diddeleng, Péiteng oder Gréiwemaacher“.

Dat Zitat ass allerdéngs net vu mir, mä vum deemolege Spriecher vun der Demokratescher Partei, nämlech dem Eugène Berger, deem deemools bedauert huet, dass de Secondaire net bis zum Schluss géif weidergefouert ginn.

Den zweeten Aspekt ass dee vun der pedagogescher Originalitéit vun engem Projet. Deemools war och schonn am Hibleck op Mamer déi Motioun zustane komm, dass ee soll an Zukunft de Contenu mam Contenant zesummen ofstëmmen an et ass vun alle Fraktiounen geschwat ginn iwwert de Contenu, deem ee sollt deem Lycée ginn. Dee sollt vläicht e bëssen originell sinn an ech zitieren nach eng Kéier, dës Kéier awer mech selwer: „Ech erwaarde vun engem Lycée, deem en eegestännegen, pedagogesche Profil huet, dass zumindest an enger Phase de démarrage vu fënnef, sechs Joer do e bësse méi Aarbecht muss

geleescht ginn ausserhalb vum Klassesall, sief dat a Form vu Projeten oder Konzertatiounen. Dat bedeit natierlech à la fois Rechter fir déi Enseignanten, nämlech Déchargen, an awer och Flichten, an zwar nach méi e verstärkten Asaz, wéi s'en e vläicht an enger méi routinéierter Schoul misste leeschten. Ech mengen, dass et wichteg ass, dass déi Enseignanten, déi sech do mellen, wëssen, dass se sech mussen engagieren a keng Kaz am Sak kafen“.

Deemools hat ech eng Motioun déposéiert, an där ech effektiv gefuerdert hunn, dass dee Lycée vu Mamer sollt en eegestännegen pedagogesche Projet kréien. Déi Motioun war ënnerschriwwen, ausser vu mir selwer, vum Eugène Berger, Fernand Greisen, Claude Halsdorf an Nelly Stein.

Ech muss lech éierlech soen, an dofir kommen ech zu där Motioun, déi ech zum Lycée Réiden gemaach hunn - ech weess net, ob et Vergiesslecheit am Alter ass -, ech hu quasi déiselwecht Motioun geschriwwen fir de Lycée Réiden, ouni mech drun ze erënneren, dass ech deeselwechten Text virun dräi Joer bei Mamer gemaach hat, wat natierlech net fir mech selwer sprécht, mä awer dofir sprécht, dass deemools all Fraktiounen heibannen dofir waren, dass deem nächste Lycée, dee géif gebaut ginn, en eegestännegen pedagogesche Projet soll hunn an dofir erwaarden ech mer a logescher Konsequenz och, am Hibleck op déi Motioun, déi ech viru 14 Deeg hei déposéiert hunn an déi elo nach eng Kéier soll diskutéiert ginn, dass déiselwecht Begeeschterung an ökomenesche Geescht och bei där Motioun herrschen, déi ech déposéiert hu viru 14 Deeg an déi ech selbstverständlech wäert oprecht erhalen.

Dat gesot, wëll ech trotzdem ouni Heulen, awer mat Zähneknirschen den Accord vun eiser Fraktioun zu deenen zwee Volete vun deem Projet ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Et ass bekannt, Här President, dass eist Land an deene leschten 10 Joer e groussen Nohuelbedarf u Schoulraum an alle Bildungsberäicher an domat natierlech och un der Zuel vum Léierpersonal ugeheeft huet. Dat ass zum groussen Deel bedéngt gewiescht doduerch, dass d'demographesch Entwécklung, déi ee scho konnt vu virun iwwer 10 Joer feststellen, net zäitlech genuch erkannt a berücksichtegt ginn ass, an doduerch och net déi noutwendeg Moosname geholl gi sinn, fir deem am Viruscho kënnen ze begéinen.

Mat 1,5 % vun der Bevölkerungszounam an eisem Land, haaptsächlech duerch d'Immigratioun, si mer dat Land an der EU, deem seng Bevölkerung am schnellste wisst, an domat natierlech och déi Ufuer-

derungen an Uspréich un déi Infrastruktur, déi domadder verbonnen ass.

Et soll dofir am Postprimär esou sinn, wéi ee sech dat och ka virstellen am Primärunterrecht an de Gemengen, dass déi Zentraliséierung vun de Gebaier et méiglech mécht, fir do Strukturen opzebauen, wou d'Bevölkerung ass a wou d'Schüler wunnen, fir dass op där enger Säit net zevill grouss Konzentratiounen vu Schülerzuelen op eenzel Beräicher an eenzel Gebaier bestinn, an op där anerer Säit och déi Problemer, déi mam Transport verbundene sinn, net esou krass optrieden.

Et gëtt am Zesammenhang mat deem neie Lycée Josy Barthel ënnerstrach, dass an deem Gebai souwuel de Préparatoire, den technesche Lycée, wéi och de klas-sesche Lycée ënnerbruecht géinge ginn, wéinegstens déi ënnescht Zyklen vun deene verschiddenen Ordres d'enseignement. Et gëtt gemengt, dass dat och kënnt dozou bäidroen, eng bestëmmte sozial Integratioun ze maachen. Ob awer esou ee Resultat erreecht gëtt, doriwwer kann ee gedeelter Meenung sinn, well dat Zil wier éischter ze erreechen, wann een déi Opspléckung an déi verschidde Bildungsrichtungen méi spéit géng maachen.

Ech bleiwen der Meenung, dass een duerch en integrierten Tronc commun, ouni zevill fréi Spezialisierung, dat virdrun ugedeit Zil vill éischter géng erreechen.

Dat Niewenteneen an deemselwechte Gebai vu verschiddenen Ordres d'enseignement bréngt dat menger Meenung net, wann et net de Charakter vun enger integrierter Gesamtschoul kritt.

VLäicht ass et esou, dass duerch den Ëmstand, dass elo déi verschiddenen Ordres d'enseignement an deem Gebai ënnerbruecht gi sinn, einfach dozou gedrängt gëtt, dat esou ze maachen. Wann dat d'Entwécklung wär, déi een an der Zukunft géng feststellen, géng dat mech besonnesch freeën. An deem Zesammenhang géng ech dann och d'Zoustëmmung zu deem Gesetzprojekt bréngen.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech wäert net probéieren, mech ausenaner ze setze mam inhaltlechen Deel vum Projet iwwert de Fonctionnement vum Mamer Lycée, dat huet de Marc Zanussi an eisem Numm gemaach, mä haaptsächlech zum Punkt 2 kommen. Et ass bemierkt gi vu Virriedner, datt de Rapport gutt wier, excellent wier bei aneren, ech mengen en hätt nach gewonnen, wann en a sengem Punkt 2 reflétéiert hätt, dat wat wierklech den Apport vun der Chamber an deem Punkt 2 war.

Wann de Rapport d'Genèse vum Punkt 2 materlieft oder nogelies hätt, hätt hie gesinn, datt et wierklech

am Ufank net kloer war, wéi mir de Problem géifen ugoen, vun engem Amendement am Fong geholl zu engem Projet dee mir eng Kéier hei gestëmmt hunn, nämlech de Konstruktionsprojet, an datt e wierklech an der Kommissioun war vum Contrôle budgétaire, wou mat deenen zwou Ministerinne probéiert ginn ass, e Wee ze fannen, fir eraus ze kommen. Ech muss soen, de Bäitrag, deen d'Chamber do geleescht huet, iwwer hir Kommissioun an och d'Travaux-publics-Kommissioun, déi och doriwwer geschwat huet, fënnt een net an deem Mooss erëm am Rapport.

Ech fannen, ganz oft kënnt d'Regierung mat Elementer déi mir iwwerhuelen, hei ass et wierklech eng fräi Diskussioun gewiescht; et wousst kee wou mir géifen hannen erauskommen. Ech fannen, et hätt besser kënnen ënnerstrach ginn. De Claude Meisch ass mer net béis wann ech dat soen, mä wann hien noliest am Procès-verbal wat am Fong geholl do alles, loosse mer soen, sech verstoppt huet an der Diskussioun, a sän Nopper wäert hie wahrscheinlech opklären doriwwer, da fannen ech, hätt de Rapport gewonnen, wann hien déi Elementer, déi wierklech d'Chamber dozou bäigedroen huet, datt dat hei eng aner Tournure krut, mat eriwwer geholl hätt.

Den zweete Punkt ass méi prinzipiell: Ech mengen datt mer hei e Wee gaange sinn, dee mir wollt goen, well mir net wollten de Projet ophalen, mä datt mer onmëssverständlech, op alle Fall eenzelner, virun allem mäi Fraktiounskolleeg aus der CSV - et ass nozeliesen am Procès-verbal - ganz kloer gesot huet, datt hie géif mengen, dat do wier keng gutt Prozedur fir hin ze goen, en Zousaz vum Konstruktionsprojet un e Fonctionnementsprojet ze hänken. Ech mengen, mat deem Débat hei, sou wéi e verlaf ass, kritt hie Recht, a kréie mir och als Fraktioun Recht, déi gesot huet: Mir wëllen dat doten als exceptionnelle Mesure verstanen hunn. Firwat?

Wann den Här Garcia net gewiescht wier, hätt een hie missen erfannen, soss hätt hei keen, am Fong geholl, e Wuert verluer iwwert dee wichtege Deel, den zweete Punkt vum Gesetz. Den Här Gibéryen, ech hunn nämlech andächtig nogelauschert, deen hat en halwe Saz drop verluer an et ass genau dat, wat mir gesot hunn: Wa mir ufänken dat do anzepaken an aner Projeten, da ginn déi Problemer net évoquéiert. Ech muss dem Här Garcia zougestoen, datt hien dat effektiv gemaach huet, an dass et hei Sache ginn, déi net normal sinn.

Hei gëtt op eemol e Parking gefuerdert vun deem engem, awer net vun deem aneren - hien huet dat ganz flott duergeluegt -, wou een sech och nach d'Fro kënnt stellen: Wéi ass dat méiglech, datt elo de Parking ausgebaut gëtt, an net dat anert? Dat ass hei iwwerhaupt keen Diskussiounspunkt gewiescht, an esou géng et an Zukunft mat all deene Projekte goen. Wa mir se un en anere Projet unhänken, dann ass dat net méi e Bestanddeel dovun. A wa mer iergendwann

gesot hunn, a wann d'Verfassung dat och virgesäit, datt et eng Loi spéciale gëtt, fir iwwer reng Konstruktioun ze schwätzen, da muss een, wann een e Konstruktionsprojet revidéiert, amendéiert, ëmännert, dat als individuelle Projet maachen. De Beweis vun dësem Débat ass op alle Fall kloer deen, aus eiser Siicht, datt een dat do net méi soll machen, well do gëtt net méi iwwert den Zousaz geschwat, do gëtt keng seriös Diskussioun gefouert, ob den Zousaz vun 230 Milliounen iwwerhaapt noutwendeg war. Mir gi jo hei locker iwwer eppes ewech, iwwert dat mer eis vläicht soss ausenaner gesat hätten, wann dat en individuelle Projet gewiescht wier.

Ech hoffen, datt d'Kolleege, déi net grad där dote Meenung, op alle Fall bis elo an der Kommissioun waren, vläicht och zu där Konklusioun kommen. Ech muss soen, hei sinn eng ganz Rei Elementer einfach passés sous silence, hei geet et erëm eng Kéier ëm d'Alentouren, hei geet et erëm eng Kéier ëm Parkingen, wat mer an anere Projekte schonn haten.

An ech wëll d'Kolleege - dat ass mäin drëtte Punkt -, déi an der Travaux-publics-Kommissioun sinn, awer drop opmierksam maachen, datt mer hinnen och e Brëif geschéckt hunn als Kommissioun vum Contrôle budgétaire, fir si drop opmierksam ze maachen, datt a ganz ville Projekte genau déi do Punkten net kloer genuch respektéiert sinn. D'Alentouren, d'Parking an elo säit kuerzem wa mer dee Wee wëlle goen, datt mer mat Energies renouvelables wëlle fueren, muss dat virgesi ginn, a wann d'Regierung dat an hire Projekte wëllt maachen, da muss um Niveau vun den Travaux publics, an hire President ass elo net hei, mä ech huelen un, datt seng Kolleege him dat wäerte rapportéieren, awer och den Akzent dorop geluegt ginn, an net, datt mir erëm ufänken Aufsätz ze erzielen hei op der Tribün, an do wou mir et hätte sollen ëmänneren, nämlech um Niveau vun der Kommissioun, hu mer et net gemaach.

Ech hoffen, datt déi Kolleege, déi an der Kommissioun sinn, an nächster Zäit oppassen, all déi Elementer Energie, Alentours, Parkingen, déi elo vläicht stiefmütterlech behandelt gi sinn an all deene Projeten, dat ass ënnerstrach ginn, datt dat an Zukunft geännert gëtt. Ech wëll nëmmen, wat d'Energie renouvelable oder d'Energieproblemer tout court ubelaangt, eng Kéier verweisen op d'Aart a Weis, wéi mir als Chamber virgaange sinn am Projet Lycée technique des Arts et Métiers. Do hate mer eis Kommissioun, deemools déi vun den Travaux publics, dat ass laang hier, vollkommen engagéiert, a mir hate probéiert, déi Elementer, déi deemools vun engem Proffekomitee an d'Diskussioun bruecht gi sinn, an de Projet mat eran ze bréngen, mä net einfach als Aufsatz an och net einfach als Dépassement, mä dat ass revidéiert gi vun de Bâtiments publics, dat heescht, déi kruten den Dossier zréck, a si hunn e revidéiert, an si hunn de revidéierte Projet weider

ginn. Ech mengen, da si mer glaubwürdeg, anstatt datt mer heihinner kommen a soen, et wier gutt, wann dat do nach géif geschéien, anstatt datt mer dat géifen am Virfeld maachen.

Här President, mir hu scho gesot datt mir de Projet géife stëmmen, mä wéi gesot, mir gesinn dat als exceptionnelle Mesure, d'Aart a Weis wéi mir dat hei virgezeechent hunn, iwwert d'Aart a Weis wéi mir den Zousaz zur Konstruktioun gemaach hunn, a mir wäerten an Zukunft net méi domat d'accord sinn, a wéi gesot den Débat heivunnen huet bewisen, datt et noutwendeg ass, datt dat e Projet à part gëtt. Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Mme Erzéiungsministesch Anne Brasseur.

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech géif all deenen Intervenante merci soen, vun deene verschiddene Fraktiounen, déi jo den Accord zu dësem Projet de loi bruecht hunn. Ech wëll virun allem dem Rapporteur villmools merci soen, de Rapporteur, deen e Rapport hei virgeluegt huet, dee wierklech ganz détailléiert, mä awer och ganz sachlech ass. Wann een déi Diskussioun elo grad nogelauschtert huet, ass jiddferree mam Projet d'accord, mä jiddferreen huet e bësschen en Arrière-goût, deen ee weinst der Form an deen anere weinst dem Contenu. An den Här Krecké huet elo zum Schluss vu senger Interventioun gesot, dat hei wier eng exceptionnell Prozedur an dat misst och exceptionnell bleiwen. Mä Wonsch ass et och, datt et exceptionnell bleift, well an Zukunft, wa mer nei Lycéeën ugin, musse mer mam Contenu a mam Contenant gläichzäiteg Schrëtt halen. Wann ech d'Evolution vum Mamer Lycée hei kucken, an den Här Wohlfahrt, mengen ech, war déi Zäit als Statssekretär zoustänneg fir de Bau, dunn ass de Bau op eemol entstanen. Den Terrain war do, an dunn ass gesot ginn: Elo baue mir zu Mamer e Lycée.

Als wat wor en am Ufank virgesinn? Mä just fir de Préparatoire, datt gesot ginn ass: Mir hunn e schrecklechen Engpass am Préparatoire um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg, an dofir brauche mer elo dringend e Lycée. D'Travaux publics sinn dunn higaangen an hunn op Grond dovun en Terrain gesicht, a wéi den Terrain bis fonnt gi wor, ass gesot ginn: Et geet jo awer net datt mer just de Préparatoire dra setzen. Mä ech wollt awer soen - an den Här Wohlfahrt dee weist jo mam Kapp - datt den Historique esou wor.

Wann een da kuckt, welch Evolution dëse Projet kannt huet, da gesäit een och, datt et haut forcément huet missen zu Schwieregkeete féieren. Wéi dunn de Bauprojet 1998 hei déposéiert ginn ass, ass gesot ginn, et sollte verschidden Ordres d'enseignement an dat Gebai kommen, mä am Fong sollt et nëmmen de Cycle inférieur si vun allen Ordres d'enseignement, an

et kënnt ee mam Cycle supérieur da gegebenenfalls viru fueren.

Ech muss lech soen, wéi ech dee Projet esou virfonnt hunn, wor mer awer kloer, datt mer net kënnten op där Schinn weiderfueren, well mer soss zu engem Lycée komm wieren, wou et esouwuel fir d'Enseignantë wéi och fir d'Elève schwierig gewiescht wier: Fir d'Elève e Choix ze treffen an dee Lycée ze goen, fir d'Enseignanten och schwierig, well en Enseignant, deen an enger Schoul ass wou nëmmen am Cycle inférieur enseignéiert gëtt, huet net deen Attrait fir op alle Klassen ze enseignéieren wéi dat a comparabele Lycéeën de Fall ass. Et ass du gesot ginn: Mir müssen dann aner Spezialisatiounen an dee Lycée kréien, ouni datt dat genoe définéiert wor, an et ass vun High-tech geschwat ginn. Wat awer elo High-tech wier, huet keen esou genoe preziséiert, esou datt e Lycée gebaut ginn ass, mat enger Partie vun Ateliers déi sollte flexibel sinn, fir datt méi spezialiséiert Formatiounen duerno kéinten dra stattfannen. Wéi ech dee Projet virfonnt hunn, hunn ech mat enger Rei Leit mech zesummegesat, notament mat denen Direktiounen vun de Lycée-techniquen aus der Stad, fir ze soen: Wou ass deen dringendste Besoin? Kommt mir ginn deem do Lycée, wéi och bei anere Lycéeën, eng Spezialisatioun.

Dat kënnt och säit 1999 doduerch, datt mer elo de Plan sectoriel Lycées hunn, an datt d'Land a Secteuren ageedeelt ginn ass. Net wéi den Här Zanussi dat gesot huet, an zwee, an e Secteur Norden an an e Secteur Süden, mä et sinn am Moment dräi Pôles d'enseignement, Secteur nord, Secteur centre, Secteur sud an et kënnt méiglecherweis nach e véierten dobäi, nämlech e Pôle am Osten.

Et ass ...

(Interruptions)

Nee, am Osten!

M. Ben Fayot (LSAP). - Keen am Westen?

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports. - Réiden gehéiert dann zum Secteur nord. An deene verschiddene Secteure soll no Méiglechkeet all Formatioun ugebuede gi mat enger Spezialisatioun, an dofir sote mer da beim Lycée zu Mamer, dee jo nach ëmmer kee Contenu hat: Mir brauchen am Baufach, am Génie civil eng Plaz wou spezialiséiert ausgebilt gëtt, an zwar, wou een all Formatiounen ka maachen, dat heescht, op dem ënneschten Niveau vum CCM, fir Schüler déi manuell begaabt sinn, mä awer net déi theoretesch Fäegkeete kënne entwéckelen, bis uewenhin zum spezialiséierten Technicien, deen am Bâtiment schafft, oder bis op d'Technique générale, déi jo och ugebuede gëtt.

Dat huet allerdengs bedéngt, datt eng Modifikatioun vum Programm virgeholl ginn ass, an datt d'Ateliers ëmgebaut gi sinn, an zwar esou, datt déi Formatiounen

kënne dra stattfannen. Dat bréngt e Surcoût mat sech vu 60 Milliounen. Ech wëll och soen, datt mer doduerch op enger anerer Plaz eng Économie maachen, wat awer hei vun de Prozeduren net spillt, mä et spillt awer wat d'Inzidenz op de Budget ubelaangt, an zwar schwätzen ech hei ënnert dem Contrôle vum Bartrenger Buergermeeschter. Zu Helfent ass eng Infrastruktur wou am Moment d'Métiers du bâtiment ënnerbruecht sinn.

Dat ass eng Infrastruktur, déi an engem ganz schlechten Zoustand ass, a mir hätten déi erëm missten a Stand setze fir ronn 100 Milliounen. Wa mer elo déi ganz Métiers du bâtiment op Mamer setzen, brauch dat Gebai zu Bartreng net erneiert ze ginn, well et ass nach just gutt fir ofzerappen. Sou datt mer do eng Économie maachen, an datt et budgétaire am Fong eng positiv Operatioun ass. Gläichzäiteg koumen nach aner Modifikatiounen am Programm, an dat sinn d'Alentouren, an ech ginn dem Här Krecké Recht, datt mer an Zukunft, wann e Bauprojekt kënnt - an d'Bautekommissioun wäert dat och maachen - kucken, datt alles dran ass, well Alentour gehéieren nun emol zu engem Projet wéi och d'Weeër vum Accès.

Wat de Parking ubelaangt, sou huet d'Gemeng Mamer awer gefrot, zwar net op Grond vun enger Motioun, mä bei den Travaux publics, ob mir bereet wieren, e Parking ze bauen. Dorophin hunn d'Travaux publics nogefrot wéi et mat der Opportunitéit wier, an ech hu jo geäntwert, datt et soll e Parking ginn, fir datt dëst Gebai och kënnt vun anere Leit utiliséiert ginn. Et ass awer kee Parking fir d'Schüler; do kënne mer net op dee Wee goe fir e Parking ze bauen. Ech wëll lech soen, datt dat eng Demande ass, déi an all Schoul u mech gestallt gëtt, dass d'Schüler, esoubal se 18 Joer hunn, net nëmmen e Führerschäin, mä och en Auto hunn, an da mam Auto wëllen an d'Schoul kommen a mam Auto parke wëllen. Dat ass eppes wat ech schonn als Schäfte vun der Stad Lëtzebuerg erfuer hunn a gesinn et elo iwwert d'ganz Land. Ech muss lech soen, et ass net um Steierzueler fir de Schüler eng Parkplaz zur Verfügung ze stellen, wou hir Eltere müssen op de Park & Ride oder op den öffentliche Transport zréckgräifen, well deenen hire Patron hinne keng Parkplazen zur Verfügung stellt.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. Jos Scheuer (LSAP). - Wéi ass et mat de Parkplaze fir d'Professoren?

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports. - D'Professoren sinn Arbeitnehmer an d'Professoren kréien, je nodeem wou et ass, Parkplazen zur Verfügung gestallt, awer et ass ni eng garantéiert Parkplaz un den Job vum Professor gebonnen, wéi dat och net bei aneren ass. Mir sinn zwar do als Deputéierten oder als Minister privilegiéiert, well souwäit ech weess

huet awer all Deputéierten an all Minister eng reservéiert Parkplaz.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dat stëmmt net. Si sinn net reservéiert. Dat ass fir d'Ministeren.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Dir sidd net gutt informéiert, Madame!

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- Net reservéiert, mä eng garantéiert Parkplaz, wat op datselwecht erauskënnt.

Dofir sinn ech der Meenung, dass mer net kënnen higoen a bei de Schoule Parkplaze fir d'Schüler bauen. Ech verstinn zwar d'Leit, déi ronderëm wunnen, déi net wëllen, dass hir Strooss dann als öffentleche Parking benotzt gëtt, mä deene Gemenge géing ech da recommandéieren, wéi d'Stad Lëtzebuerg dat och gemaach huet, de Stationnement résidentiel anzeféieren, wat den eenzege Moyen ass, fir deem entgéint ze wierken.

Dat zu der Evolutioun vun deem Projet, wéi et zu deenen Dépassementer kënnt. Wéi mer bei deenen Dépassementer woren, sinn ech zesumme mat der Mme Hennicot, déi zoustänneg ass fir d'Bauten, souwuel bei d'Budgetskontrollkommissioun gaange wéi an d'Kommissioun vun den Travaux publics an déi vun der Education nationale, fir ze froen, watfir eng Prozedur dass mer dann elo sollt maachen. Ech soen all Member vun deene Kommissiounen merci fir dat Verständnis, dass se gesot hunn: Mir hunn e Projet de loi iwwert de Fonctionnement vum Lycée, kommt mir hanken dat drun, fir dass deen heite Bau net opgehale gëtt. Mä et soll eng exceptionnell Prozedur bleiwen. Dat ass op jidde Fall mäi Wonsch.

Wéi ass et elo insgesamt mat den Infrastrukturen? Mir hunn eng Evolution démographique, déi enorm an d'Luucht geet. Fir lech zwou Zuelen ze ginn: Am sechste Schouljoer vun der Primärschoul hu mer am Moment 4.400 Kanner. Elo kommen an d'éischt Schouljoer 5.400 Kanner. Dat heescht, an enger Zäitspann vu sechs Joer hu mer 1.000 Schüler méi. Dat bréngt mat sech, datt mer am Joer 2010 wäerten e Plus hu par rapport zu elo vun 11.000 Schüler, well et muss een och nach mam Solde migratoire positif rechnen. Et muss een domat rechnen, dass d'Durée vun den Étuden normalerweis och nach an d'Luucht geet.

Dat bréngt mat sech, dass mer eng Rei vun neie Schoulinfrastrukture brauchen an dofir hu mer déi jo och am Plan sectoriel festgehalten, wéi dat hei scho vun Deputéierten développéiert ginn ass.

Mir mussen ons dann och sécher si wat mer als Formatiounen duerchzéien. Ech muss lech awer soen, wann ech déi lescht Chiffere kucken, da muss mer ons bewusst sinn, dass egal a wat mer d'Leit ausbilden, mer déi Plazen, déi zousätzlech geschaaft ginn, net mat eegen ausgebildete Kanner kënnen

besetzen. Wann an enger Tranche d'âge 4.000 Kanner sinn a mir géingen dovun ausgoen, dass déi zesummen op den Aarbechtsmaart kéimen, an ech setzen deem déi 14.000 Aarbechtsplaze géintwärt, déi am Joer 2000 zousätzlech kreéiert gi sinn, da gesäit een, dass dat eng Rechnung ass, déi net kann opgoen. Dofir muss mer ons jonk Leit esou gutt wéi méiglech preparéieren, mä mir mussen ons awer och bewusst sinn, dass mer nach ëmmer zousätzlech Leit mussen an d'Land eranhuelen, mat alle méiglechen Zorte vu Qualifikatiounen.

Mir brauchen héichqualifizéiert Leit, wat richtig ass. Mir mussen ons awer och bewusst sinn, dass eng Partie vun deene Kanner, déi an ons Schoule ginn, déi Viraussetzungen, fir zu héichqualifizéierte Fachleit ausgebildt ze ginn, net mat sech bréngen. Fir déi muss mer awer Qualifikatiounen op hirem Niveau fannen, well och déi hunn e Recht op Ausbildung, och déi hunn e Recht op Aarbecht an och déi kënnen e ganz positive Beitrag leeschten.

Dofir hu mer och den Enseignement préparatoire an onse Schoulsystem agegliddert, wou dann d'Weichen, fir an en aneren Ordre d'enseignement ze kommen, gestallt ginn, fir dat méiglech ze maachen.

Et gëtt awer eng Tranche vu Kanner, an dat sinn der net wéineg, déi esouvill Schoulschwieregkeeten hunn, dass mer muss fir déi en extrae Programm développéieren, fir dass se net komplett den Uschloss verléieren.

Ech op jidde Fall si frou, dass dee Projet, dee mer elo zu Mamer duerchféieren, d'Orientatioun kritt huet, fir haaptsächlech am Bauhandwierk, plus Technique générale bis uewen hin auszubilden, well et ass just do wou mer wierklech qualifizéiert Main-d'œuvre brauchen, an ech gleewen drun, dass dat e ganz gudder Projet gëtt.

Dem Här Garcia wëll ech soen, wann hie seet, de Concept pédagogique misst vun Ufank u mat definiéiert ginn, an en huet do eng Motioun rappéléiert an e weist op d'Autonomie hin, esou ginn ech em Recht, mä dofir mengen ech jo, dass et eben de Législateur net soll sinn, deen do festleet, wéi dat genee soll kommen.

Kuckt lech d'Diskussioun un, déi mer beim Lycée Aline Mayrisch haten. Do ass och hei gesot ginn, do misst d'ëst an dat geschéien. Ech wor der Meenung, et soll een der Schoul d'Moyene ginn, fir selwer e Konzept auszuschaffen, dat da vun de Leit matgedroe gëtt an dass dat dann an d'Praxis ëmgesat gëtt. Mä et ass net nëmmen dee Lycée, deen dat mécht. Et sinn och aner Lycéeën, mä well déi net nei sinn, gëtt net vun deenen hire Concepts pédagogiques geschwat. Gëschter ass ee presentéiert ginn an der Press, dat wor dee vu Péiteng. Mä et sinn aner Schoulen, wéi de Lycée technique vun Esch, deen eng Autonomie pédagogique huet, deen en Tutorat agefouert huet fir

d'Kanner vu Septième un, eng Prise en charge, e formidable Projet.

De Lycée technique vun Ettelbréck huet e formidable Projet.

Den Athénée um Geesseknäppchen huet e ganz gudden Projet wat den Encadrement vun de Schüler ubelaangt a wat verschidde Coursen op Quatrième ubelaangt.

Et gesäit een also, dass am Kader, dee mer hunn, d'Schoule wierklech d'Méiglechkeet kréien iwwer Projets d'établissement sech ze entfalten an d'Autonomie wëll ech och wierklech un all Gebaier ginn. Et sinn der, déi fannen, dass dat ze wäit geet. Et si Leit, déi fannen, et misst ee Lycée traitéiert gi wéi deen aneren. Där Meinung sinn ech net, well e Projet muss gedroe gi vun der Population scolaire, wat mat Sécherheet eng gutt Saach ass, an da soll een hinnen déi Flexibilitéit och loossen, an dofir soll een dat ebe just net an d'Gesetz schreiwen. Ech sinn op deem Punkt och net mam Här Garcia d'accord. Iwwert d'Finalitéit sinn ech d'accord, awer net iwwert d'Prozedur, dass de Législateur dat hei esou soll festhalen.

Wat d'Motioun vum Här Garcia ubelaangt iwwert d'Energie an iwwert d'Bauweis, sou muss ech soen, dat dépasséiert meng Kompetenzen, sou dass ech, Här President, géing proposéieren dat ze renvoyéieren, fir dass d'Mme Hennicot dat als Baute-minister ka kucken.

Da wëll ech zum Schluss nach soen, wann deen neie Lycée seng Dieren opmécht, an et steet am Exposé des motifs, dass et fir d'Rentrée 2002 ass, mä ech sinn e virsichtge Mënsch. Ech kann net garantéieren, dass et fir d'Rentrée 2002 ass. Ech gi relativ oft laanscht dee Chantier an et bleift nach esouvill ze dinn, sou dass ech mech bestëmmt net kann op dëser Plaz hei engagéieren, dass et fir déi Rentrée prett ass.

Wat mer awer musse maachen, dat ass elo Leit ze rekrutéieren, fir e Konzept ze entwéckelen, fir dass dee Lycée dann, wann de Bau fäerdeg ass, och seng Diere kann opmaachen, net dass et ëmgedrëit geet wéi am Lycée Aline Mayrisch, wou de Bau fäerdeg wor an d'Konzept net stong.

Nach ee Wuert zum Rekrutement vun Enseignanten, Här President. Et ass hei geschwat gi vun der Ouverture. Mir maachen effektiv eng Ouverture fir de Rekrutement. Dat gëtt och en extrat Gesetz. Dat ass net, dass den Niveau soll erofgoen, mä et gëtt eng Partie Formatiounen, déi och sollen d'Méiglechkeet kréien an den Enseignement eranzekommen. Zum Beispill ass et eng Anomalie, dass een als Ingenieur net am Enseignement classique kann enseignéieren. Or, Informatiker gëtt et nun eemol nëmmen als Ingenieur. Ech kënnt där Beispiller nach nennen. Mir sinn a Konsultatioun mat engem Projet an ech wäert dann hoffentlech bis Enn dës Joers esou wäit sinn, dass ech

e kann an de Regierungsrot bréngen an dann och an de Plenum kréien.

Fir ofzeschlësse wëll ech lech soen, dass ech ganz frou sinn, dass dëse Lycée den Numm vum Josy Barthel dréit, eng Proposition, déi gemaach ginn ass, well de Josy Barthel vu Mamer ass. De Josy Barthel wor Ingenieur. De Josy Barthel wor also mat der technescher Entwécklung ganz enk a senger Formatioun an duerno a senger beruflecher Ausrichtung verbonnen, an dofir wor ech frou, wéi ech d'Familljen, d'Mme Barthel gefrot hunn, ob se d'accord wier, dass dëse Lycée kënnt den Numm vum Josy Barthel droen, se domat averstane war, an ech muss soen, ech sinn houvreg, dass mer en Etablissement hunn, dat den Numm dréit vun engem vun onse fréiere Kolleegen, dee wierklech den Numm vu Lëtzebuerg wäit iwwert d'Grenzen eraus gedroen huet.

Ech soen lech villmools merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4759 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 9 si gelies an ugehall.

Mir stëmmen elo iwwert de Projet de loi of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass unanime mat 60 Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Marco Schank), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Norbert Hauptert), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler.

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer (par M. Alexandre Krieps) et Théo Stendebach.

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Motion

Mir kommen elo zur Motioun 1 vum Här Robert Garcia, déi vun alle Fraktiounen, dat heescht vun den Häre Graas, Jaerling, Schank a Wohlfart ënnerschriwwen ass an d'Mme Minister huet och näischt drun auszesetzen.

Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, ech muss awer berichtegen. D'Mme Minister huet net gesot, dass se näischt drun auszesetzen hätt. D'Mme Minister huet gesot, si wier net konzernéiert, sondern et wier éischter de Bauteministère, dee konzernéiert wier. Mir hu guer kee Problem déi Motioun do ze ënnerschreiwen, well den Här Schank se och ënnerschriwwen huet.

Vote

M. le Président.- Wien ass d'accord mat där Motioun?

Wien ass dergéint?

Ech stelle fest, déi Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

Mir kommen zur Motioun vum Här Garcia iwwert de Fonctionnement vum zukünftege Réidener Lycée, déi gëschter déposéiert ginn ass.

3. Projet de loi 4736 relatif à la deuxième phase d'agrandissement du Lycée du Nord à Wiltz *(Suite)*

Motion 1

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, ech hat déi Motioun scho viru 14 Deeg déposéiert a si ass also schonn e bësse méi laang am Collimateur.

Ech wëllt d'Mme Brasseur dohigehend berouegen, vu dass de Wuertlaut quasi d'selwecht ass wéi déi Motioun, déi si virun dräi Joer och matgestëmmt huet. Et ginn zwou Méiglechkeeten. Entweder huet si par rapport zum Projet pédagogique hir Meenung geännert, wat ech net gleewen, oder si interpretéiert dës vläicht anescht wéi deemools.

Deemools war meng Meenung och, dass een net soll engem Etablissement d'emblée an engem Gesetz virschreiwe wéi een e Projet pédagogique soll duerch-

féieren, mä em einfach déi Méiglechkeet ginn. Wéi dee Projet pédagogique ausgesäit, soll effektiv vun deene Konzernéierten, allerdéngs net nëmmen de Professerer, déi et jo nach an deem Lycée net gëtt, mä och vum Ëmfeld décidéiert ginn. Mir hunn ëmmer gesot, d'Schoul soll sech op d'gesellschaftlecht Ëmfeld vun der Regioun a vun de Betriber öffnen. Dofir hunn ech an dëser Motioun och geschriwwen „prenant notamment compte des demandes spécifiques des communes et des forces vives de la région“, well ëmmer gesot ginn ass, d'Schoul soll sech fir d'gesellschaftlecht Ëmfeld opmaachen.

De Lycée Aline Mayrisch ass doran e bësse spezifesch, well déi Schoul huet jo schonn deelweis fonctionnéiert, ier se richtig opgaangen ass. Dat heescht, do gouf et schonn eng Phase de préfiguration, wou eigentlech déi Enseignanten an de Projet konnte matagebaut ginn.

Hei ass et awer esou, wa mer elo de Lycée am Kanton Réiden bauen a mir maache gläichzäiteg e Projet de contenu, da ginn déi Proffen, déi herno do enseignéiere sollen, duerch en normale Rekrutement bestëmmt, entweder doduerch dass se attachéiert ginn un e bestehende Lycée oder dass se sech do kënnen mellen.

D'Iddi hei ass, dass wann een d'emblée an engem Projet seet, de Projet vu Réiden ass net einfach en normale Lycée, da melle sech de préférence do Leit, déi och motivéiert sinn, well d'Mme Minister seet, et wäeren net all Enseignanten der Meenung, dass all Schoul misst en eegene Profil hunn.

Si huet jo selwer gesot, dass et e gudden Deel vun Enseignantë gëtt, déi soen, all Schoul misst d'selwecht sinn.

Wann een also wëllt aus engem neie Lycée e bësse méi en originelle Projet maachen, deen och der Regioun mat hire spezifesche Bedürfnisser entgéint kënnt, sinn ech der Meenung, dass een an deem Projet de contenu net einfach soll dra schreiwen, dass en en Direkter, e Sous-direkter, e Portier, eng Schwämm an eng Bibliothéik huet, mä dass een do scho soll definéieren, net wéi e Projet pédagogique dora kënnt, mä dass awer e Projet pédagogique fir dee Lycée soll virgesi ginn. Méi seet déi Motioun net aus. Ech wëll mech och dergéint wieren, fir iergendengem Lycée elo hei aus eise Vase clos wëlle fënnf Joer am Viraus e Projet pédagogique ze octroyéieren.

Esou ass déi Motioun ze verstoen, net méi an net manner.

M. le Président.- Den Här Aloyse Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Wann ee verlaangt, Här President, dass och d'Léierpersonal eis Jugend soll sensibiliséiere fir Ëmwelt- an Energieproblemer, wa se an der allgemenger Politik ëmmer méi Bedeitung kréien, dann ass et fir d'Schüler net verständlech, dass